N° 5429
Reçue le 23.12.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.12.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech dës dringend parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den nationale Strategieplang fir d'Landwirtschaft fir d'Period 2023-2027 soll bis den 31. Dezember 2021 der europäescher Kommissioun ënnerbreet ginn. Mir haten duerfir och schonn Mëtt November 2021 d'Zesummekomme vun enger Landwirtschaftskommissioun gefrot. Zu där Sitzung koum et awer net.

Well den Datum vum 31. Dezember 2021 ëmmer méi no kënnt, an et, eisen Informatiounen no, nach keen definitiven Strategiepabeier gëtt, wéilte mir folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen :

- Gëtt et mëttlerweil eng definitiv Versioun vum nationale Strategieplang fir d'Landwirtschaft ?
- Ass dëse ggf. schonn un d'EU-Kommissioun iwwermëttelt ginn ?
    - Sollt dat de Fall sinn, wier et méiglech eng Kopie vun deem Plang ze kréien ?
    - Sollt dat net de Fall sinn, firwat läit nach kee fäerdege Plang vir ?
    - Wäert d'Regierung d'Frist vum 31. Dezember 2021 kënnen anhalen ? Sollt dat net de Fall sinn, wat sinn d'Ursaachen heivir ? Ass den Här Minister nach am gaangen Remarquen, Observatiounen a Suggestiounen, déi aus de Consultatiounen ervirgaangen sinn, ze verschaffen ? A wéi eng Richtung gi méiglech zousätzlech Adaptatiounen vum Strategieplang ?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen
Deputéiert

Octavie Modert
Deputéiert

N° 5429
Reçue le 23.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire urgente n° 5429 du 23 décembre 2021 des honorables Députées Martine Hansen et Octavie Modert**

- **Gëtt et mëttlerweil eng definitiv Versioun vum nationale Strategieplang fir d'Landwirtschaft?**
- **Ass dëse ggf. schonn un d'EU-Kommissioun iwwermëttelt ginn?**
  - **Sollt dat de Fall sinn, wier et méiglech eng Kopie vun deem Plang ze kréien?**
  - **Sollt dat net de Fall sinn, firwat läit nach kee fäerdege Plang vir?**
  - **Wäert d'Regierung d'Frist vum 31. Dezember 2021 kënnen anhalen? Sollt dat net de Fall sinn, wat sinn d'Ursaachen heivir? Ass den Här Minister nach am gaangen Remarquen, Observatiounen a Suggestiounen, déi aus de Consultatiounen ervirgaangen sinn, ze verschaffen? A wéi eng Richtung gi méiglech zousätzlech Adaptatiounen vum Strategieplang?**

De nationale Strategieplang fir d'Landwirtschaft ass souwäit fäerdeggestallt.

Meng Servicer sinn awer effektiv nach dobäi, déi lescht Avisen, déi am Kader vun der Consultatioun publique réischt ugangs Dezember rakomm sinn, ze analyséieren an ze verschaffen. Entspriechend Adaptatioune sinn dobäi gemaach ze ginn, an och deen neie Landwirtschaftsminister soll d'Méiglechkeet kréien, sech nach een Iwwerbléck ze verschafen. Schlussendlech wäert de Regierungsrot iwwert de Plang befannen.

De Plang wäert réischt ufangs 2022 offiziell bei d'EU-Kommissioun gescheckt ginn. Dëst ass mat der Kommissioun ofgeklärt.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
(s.) Romain SCHNEIDER